N°7718
Entrée le 11.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7718 vum 7. Mäerz 2023 an op d'parlamentaresch Fro n° 7828 vum 29. Mäerz 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen**

Nodeems een neien Kardiolog am Dezember agrééiert gouf an zënter Januar am CHdN schafft huet den Verwaltungsrot an senger Réunioun am Mäerz dräi weider Kardiologen agrééiert.

Domadder sinn ab Abrëll 2023 véier Kardiologen an engem neien Grupp zesummen fir Kardiologie Aktivitéit am CHdN ze assuréieren. Doriwwer eraus hunn dovunner dräi Kardiologen och eng Spezialisatioun an der interventionneller Kardiologie.

Nodeems den Agrément vun den Dokteren vum alen groupe cardiologique résiliéiert ginn ass an sie net méi am CHdN agrééiert sinn wäerten d'Konditiounen fir een Agrément am INCCI vun eenzelnen Dokteren net méi erfëllt sinn. Et opläit dem Verwaltungsrot vum INCCI fir eventuell Décisiounen dozou ze huelen.

Eng Zesummenaarbecht mat den interventionnellen Kardiologen am INCCI ass duerch de neien Grupp vun Dokteren weiderhin assuréiert an Prozeduren vum Transfert an der Prise en charge vum Patient sinn kloer.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

D' Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert